Eemoleg Ambiance

Mierscher Musek begeeschtert mat Fréijorsconcert

D'Musikanten hunn hiert Talent beim Concert ënner Beweis gestallt.

Miersch. Mat hirem traditionelle Fréijorsconcert am Mierscher Kulturhaus wousst d'Mierscher Musek dëst Joer op en Neits ze iwwerzeegen. Ugefaang huet de musikaleschen Owend mat de Stécker „Berliner Luft" a „Bohemian Rhapsody" vum Jugendensembel, ënnert der Leedung vum Sous-Chef Ben Brosius. Mat „Magic Overture" huet de groussen Ensembel dunn hiren Deel ugefaang.

Mat „Innuendo" vu Queen an der Geschicht iwwer Atlantis sinn d'Leit aus der Verzauberung geholl ginn. Spéitstens wéi während dem Stéck „Morning Madness" dräi Musikante mat hirem Auto duerch Zuschauerreie gefuer sinn, war och dee leschten am Sall waakreg. Als Invité hat d'Mierscher Musek am zweeten Deel d'Bigband vun der Spuerkeess op Besuch. Ënnert der Leedung vum Romain Alff haten déi 20 Banquieren ee flotte Programm opleien. Als Belounung gouf et zwou Zugaben. D'Quête deen Owend war fir den Télévie woubäi ee Scheck vun 2 200 Euro schon de 27. Abrëll um Téléviedag am Centre de Promesse Miersch iwwerreecht gouf.

Mierscher Musek Asbl via mywort.lu